déi Lénk

# Lëtzebuerg däerf net zum Kompliz vun engem Vëlkermord ginn!

***Duerch d'Decisioun vun der CSSF fir d'Kommerzialiséierung vun israeelesche Staatsobligatiounen an der EU z'autoriséieren, dréit Lëtzebuerg aktiv zur Finanzéierung vun der vëlkerrechtswiddreger Politik vun der Regierung Netanyahu bäi. déi Lénk fuerderen d'Regierung op direkt anzegräifen an dat mat alle Mëttelen ze verhënneren.***

Mat deene Staatsobligatioune sammelt déi israeelesch Regierung bei private Geldgeber an der EU Sue fir säi Staatsbudget. Domadder fléissen déi Gelder direkt an d'Finanzéierung vun de Militäroperatiounen am Gaza-Sträifen an op anere Plazen an erméiglechen d'Fortsetzung vun enger israeelescher Politik déi am flagrante Widdersproch zum internationale Recht steet.

Mir erënneren drun, datt den Internationale Geriichtshaff schonn am Januar 2024 tranchéiert huet, datt et e plausibele Risiko vun engem Genozid un der palästinensescher Bevëlkerung am Gazasträif gëtt. Donieft ass et erwisen, datt Israel dat humanitär Vëlkerrecht brécht an dat d'Besatzung vum Westjordanland konträr zum internationale Recht ass. Duerch international Konventiounen ass Lëtzebuerg obligéiert, alles ze maache fir e Genozid ze verhënneren an aktiv zu engem Anhale vum internationale Recht bäizedroen. Déi Obligatioun bezitt sech och op staatlech Institutioune wéi d'CSSF.

Duerch d'Decisioun, d'Kommerzialiséierung vun den israeelesche Staatsobligatiounen an der ganzer EU z'autoriséieren, mëscht sech Lëtzebuerg zum Handlaanger vun enger krimineller Politik a setzt sech dem Risiko aus, spéider fir Komplizitéit bei engem Vëlkermord zur Rechenschaft gezunn ze ginn. Genee aus deene Grënn huet d'Zentralbank vun Irland déi Autorisatiounen net méi verlängert, wat déi israeelesch Autoritéite gezwongen huet en anert EU-Land dofir ze sichen.

Lëtzebuerg kann net seng kommerziell Interessen iwwert internationaalt Recht stellen a Lëtzebuerg kann net duerch d'EU-Finanzlegislatioun dozou gezwonge ginn, internationaalt Recht z'ignoréieren. Wann Irland Weeër fonnt huet fir déi Autorisatioun ze verweigeren, da kann och déi Lëtzebuerger Politik dat verhënneren. déi Lénk fuerderen dofir d'Regierung op direkt anzegräifen an dofir ze suergen, datt déi israeelesch Staatsobligatiounen net vu Lëtzebuerg aus däerfe kommerzialiséiert ginn.

Lëtzebuerg, den 2te September 2025